N°1586
Entrée le 27.11.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 28.11.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/11/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Digitalisatioun weiderzeleeden.**

Virun der massiver Entwécklung vum Internet war d'SMS dat Haaptform, mat deem Noriichten tëschent Handye verschéckt goufen. D'Technologien hunn sech weiderentwéckelt an d'Kapazitéite fir méi Donnéeën an aner Daten-Typen (Biller, Videoen) ze verschécken si massiv ausgebaut ginn, soudass d'SMS hautzedaags nëmmen nach wéineg genotzt gëtt. Dëst zum Virdeel vu verschiddenen grousse Firmen, déi sech an der Kommunikatioun vun Donnéeën ee grousse Maartundeel geséchert hunn, wat natierlech och Risike mat sech bréngt.

Zënter 2007 gëtt un engem "neien" oppene Format fir d'Verschécke vun Noriichten geschafft, wat mam RCS (Rich Communication Services) mëttlerweil och a ville Länner a plattformiwwergräifend disponibel ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Gëtt den RCS schonns zu Lëtzebuerg ugebueden?
2. Sinn d'Operateure verflicht, fir den RCS unzebidden?
3. Wéi eng Aussichten huet d'Implementatioun an d'Notzung vum RCS zu Lëtzebuerg?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten